Amicale des Marcheurs Kayl a.s.b.l. stellt vir den

Kayldall Cup

Reglement : De Kayldall besteet aus der Gemeng Kayl-Téiteng an der Stad Rëmeleng. Op 100 km kann een am Kayldall divers Landschaften erwanderen. D'Weeër sinn op eege Gefor ze erwanderen, et gëtt keng zousätzlech Versécherung fir d'Participanten. All Streck kann een nëmmen eemol pro Cup erwanderen, dëst ouni Zäitlimitt. .D'Strecke kënnen dat ganzt Joer gewandert ginn, am Wanter a wärend der Juegdzäit eventuell nëmmen deelweis.

Start: den Startpunkt fannt dir an der Tabell.

Kontrollen: den Beweis vun der gewanderter Streck soll als digital Opzeechnung via eng App geschéien. Photoen(Selfien) bei engem Schëld op hallwer Streck ginn och toleréiert. Tabell mat der Opzeechnung respektiv Foto gëtt op folgend E-Mail-Adress: kayldallcup@amk.celobrio.lu

Wat kascht et?: Den Cup ass gratis .D'Amicale des Marcheurs Kayl (AMK) schéckt Iech een Zertifikat fir 30km Bronze, 60km Sëlwer an 100 km Gold per Email zou oder op déi vun Iech genannten Adress an der Tabell.

IVV Wertung: Wann Dir de Cup ofgeschloss huet, huet Dir Méiglechkeet IVV Km-Stempel an/oder Participatiounsstempelen ze kréien duerch Iwwerweise vu 15 Euro op de FLMP-Konto CCPL LU9011110469 4089 0000 mam Vermierk Kayldall Cup. Als Belounung kritt Dir dann och een Diplom an Opbitzer vun eisem Cup zougeschéckt. All Beweiser ginn vun der AMK un FLMP weidergeleed. Fir all IVV-Streck iwwer 5km kritt dir och ee Participatiounsstempel. Aus organisatoresche Grënn ginn de Wee 1 an de Wee 2 zu Rëmeleng als 1 Wee ugesinn. D'Validatioun fir dëse Cup ass nëmmen eemol am Joer méiglech. Mat der Aschreiwung erkennt de Participant d'Richtlinne vum IVV a vun der FLMP un grad esou wéi Bedingunge vun dësem Reglement.